JONK
BAD

Rapport d'activité annuel

Jonk BAD 2025-2026

(September 2025-September 2026)

Jonk BAD Bibliothéikswiesen-, Archivistik- an Dokumentatiouns-Student*innen a.s.b.l. / R.C.S. Luxembourg F 10.444 / 32, rue de l'Usine L-4490 Belvaux / info@jonkbad.lu / www.jonkbad.lu

September 2025

05.09. Artikel „10 Jahre Jonk BAD : Wie Studenten den Nachwuchssorgen bei Bibliothekaren, Archivisten und Dokumenta[r]isten trotzen" am Tageblatt



Tageblatt: Der Vorstand der Jonk BAD (v.l.n.r.): Alexej Graf, Julie Sauerwein und Emilie Bissener Foto: Editpress/Alain Rischard

Am Kader vun eisem 10. Anniversaire ware mir am Tageblatt fir iwwert eis Missiounen als Studentencercel ze schwätzen. En Artikel vum Philip Michel:

"Ihren zehnten Geburtstag feiert heute die Studentenvereinigung für Bibliothekswesen, Archivistik und Dokumentation. Im Gespräch mit dem Tageblatt geben die drei Vorstandsmitglieder der „Jonk BAD" Einblicke in einen Beruf, der mit längst überholten Klischees und Nachwuchssorgen zu kämpfen hat."

05.09. 10ten Anniversaire Jonk BAD an der BnL

E Freiden de 5. September hu mir eisen 10. Anniversaire an der Nationalbibliothéik dierfe feieren. Den Owend hu mir net nëmmen op déi lescht 10 Joer zeréck gekuckt, mee och an d'Zukunft! Um Programm stoung och eng Table Ronde mam Titel „Go BAD - Beruffsentwécklung an de leschten 10 Joer" mat der Madamm Josée Kirps als Presidentin vum International Council on Archives, der Madamm Tamara Sondag als Presidentin vum Conseil supérieur des Bibliothèques, der Madamm Anouk Stephano vum Wiener Stadt- und Landesarchiv, a mam Joshua Bento als Bibliothécaire-documentaliste Student un der Haute École de la Province de Liège.

De Comité seet der Nationalbibliothéik villmools Merci, dass mir eisen Anniversaire an hirem Gebai feieren dierften a si eis bei der Organisatioun gehollef hunn. Och e grousse Merci fir hiren Asaz fir eis Student*innen an deene leschte Joren, wéi zum Beispill mat Projete wéi der BnL Summer School.

Mir soen dem Kulturminister Eric Thill nach eemol villmools Merci, dass hien

zesumme mat eis ugestouss huet, a villmools Merci un all d'Institutiounen a Leit déi eis an deene leschten 10 Joer ënnerstëtzt an den Owend mat eis gefeiert hunn. Mir hoffen op eng weider Zesummenaarbecht a freeën eis op d'Zukunft!

Fotoe vum Pol Sauerwein.



Claude Conter, Josée Kirps, Alexej Graf, Eric Thill, Tamara Sondag, Anouk Stephano, Joshua Bento





Table Ronde „Go BAD - Beruffsentwécklung an de leschten 10 Joer"



Eric Thill, Alexej Graf, Julie Sauerwein, Emilie Bissener

18.09-21.09 REEL (Réunion des étudiants européens luxembourgeois) zu Stroossbuerg

D'Jonk BAD huet fir déi éischte Kéier un der REEL deelgeholl, déi dëst Joer zu Stroossbuerg stattfonnt huet. Dobäi ware ronn 120 Student*innen aus all de Lëtzebuerger Studentencercelen. D'REEL huet mat Workshops ugefaangen, déi vun der ACEL organiséiert goufen. Den éischte Workshop goung em den „Student fir 1 Dag" a wéi d'ACEL besser d'Studentencercelen ënnerstëtze kéint. En zweete Workshop ass em d'Post-Corona Generatioun u Studenten an den Universitéiten a Studentencercele gaangen. Den drëtte Workshop huet d'Notzung vun AI an den Universitéite traitéiert. Dësen éischten Dag gouf op enger Foire mat de Partnere vun der REEL ofgeschloss. Den 19. September gouf Visitten an enger Rallye zu Stroossbuerg gewidmet. Um Samsden, den 20. September, gouf de Politik-Dag mat Workshops an zwou Table-ronden iwwert d'Pensioun an d'Studienkäschten gehalen. D'REEL 2025 gouf de Sonnden den 21. September mat engem Brunch an enger Visitt ofgeschloss.

19.09. Artikel „ACEL-Serie - Jonk BAD: die Studentenvereinigung der Bibliothekare, Archivare und Dokumentalisten" am Tageblatt

Am Kader vun der ACEL-Serie am Tageblatt, wou verschidde Studentencercelen sech virstelle konnten, hu mir en Artikel geschriwwen. Hei ass de Link zum Artikel: https://www.tageblatt.lu/Luxemburg/Jonk-BAD-die-Studentenvereinigung-der-Bibliothekare-Archivare-und-Dokumentalisten-5733.html

"Neben Studentenvereinigungen in mehreren europäischen Universitätsstädten vereint die ACEL auch acht fachspezifische Studentenvertretungen: von Ingenieurswissenschaften über Betriebswirtschaftslehre, Jura, Psychologie, Geschichte und Kommunikation bis hin zu Medizin und Bibliothekswesen. „Jonk BAD" heißt letzterer Fach-Cercle. Was sich hinter diesem Kürzel verbirgt, erzählen die Mitglieder heute in Teil 15 unserer ACEL-Serie."

27.09. Assemblée générale

Eis Assemblée générale gouf de 27. September um 15:00 iwwer Zoom ofgehalen.

Ordre du jour :
1. Mot de bienvenue du président
2. Approbation du rapport AG 2024
3. Rapport d'activités 2024/2025
4. Rapport de caisse
5. Rapport des réviseurs de caisse
6. Décharge à la trésorerie
7. Agenda 2025/2026
8. Décharge au Conseil d'Administration
9. Membres sortants du Conseil d'Administration
10. Présentation des candidats pour le Conseil d'Administration 2025/2026
11. Élection
12. Discussion libre



Den neie Comité setzt sech zesummen aus dem Julie Sauerwein, Joshua Bento a Ben Conrad.

Oktober 2025

Update vun der Jonk BAD Websäit

Am Oktober hu mir ugefaangen eis Websäit ze iwwerschaffen. Se krut en neie Look a gouf op 3 Sproochen iwwersat. Am Beräich „Wat steet un?", op der Startsäit, kënnen Interesséierter elo direkt Informatiounen zu de kommenden Evenementer gesinn.

09.10 Informatiounssessioun an der Maison de l'orientation

Ben, Anne, Lynn M., Tami



Sechs Interesséierter hunn un der franséischsproocheger Informatiounssession deelgeholl, déi a Kollaboratioun mat der Maison de l'orientation organiséiert gouf. De Grupp huet aus 4 Erwuessene bestanen déi un engem Beruffs- oder Studienwiessel interesséiert waren, an engem Lycée-Student dee vun engem Elterendeel begleet gouf. Well de gréissten Deel vun den Erwuessenen e Migratiounshannergrond hat, dovunner zwee ouni europäesche Pass, goufen eng Varietéit u Froen iwwert Konditioune fir Sproochen an Nationalitéit op BAD-Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg gestallt. Mir missten si leider dodriwwer informéieren, dass am ëffentleche Beräich en europäesche Pass an d'Maîtrise vun der Lëtzebuerger an der Franséischer Sprooch onverzichtbar ass. Een Participant aus Syrien mat engem Bachelor an der Geographie gouf un aner Organisatioune wei d'Action Solidarité Tiers Monde orientéiert.

30.10 & 31.10 Studentefoire 2025 (Campus Belval)

Daphné, Julie, Joshua, Ben



Dëst Joer huet Jonk BAD nees un der Studentefoire um Campus Esch-Belval deelgeholl. Eise Stand war an der Maison des arts et des étudiants direkt bei der Entrée. Mir konnte Gruppen u Schüler, Student*innen an nach weider Persounen iwwert eis Beruffer informéieren. Sechs Persounen hunn sech bei eisem Newsletter ageschriwwen a mir hu méi wéi 160 Interesséierter iwwer zwee Deeg informéiere kënnen.



Mir hu vill vun eise Flyeren a Studielistinge verdeelt an e groussen Deel vun den Interesséierte waren iwwer d'Méiglechkeet, BAD Beruffer studéieren ze kënnen, positiv iwwerrascht. De gréissten Deel huet Lëtzebuergesch geschwat, mee e consideraablen Deel huet Franséisch oder Englesch geschwat. Eise Stand huet och ënnert anerem den Här Buergermeeschter Christian Weis an d'Generalsekretärin vun der CSV Françoise Kemp besicht.

D'Studentefoire 2025 war e grousse Succès, et war eis wéi ëmmer eng Freed, jonk Leit op hirer Sich nom passende Studium ze beroden an iwwert eis Beruffer opzeklären! D'Studentefoire ass mat eent vun de wichtegsten Evenementer vum Joer fir eis, well mir do eisen Haaptzilgrupp erreechen.



Et war eis och eng Freed eis Kolleege vun der Maison de l'orientation, der ALEP an der ALESPS ze gesinn!

November 2025

13.11 Lëtzebuerger Buchpräis 2025



Den 13. November ass de Lëtzebuerger Buchpräis am Kader vun de Walfer Bicherdeeg 2025 vergi ginn.

14.11 – 16.11 Walfer Bicherdeeg 2025

Och dëst Joer ware mir erëm mat eisem Stand op de Walfer Bicherdeeg. Hei konnte mir eis mat aneren Associatiounen, Institutiounen, ville Leit déi am BAD-Beräich schaffen, souwéi aneren Acteuren aus der Literaturzeen austauschen. Et war e Weekend voller interessante Gespréicher a Renconteren an et war eis ewéi ëmmer eng Freed mat dobäi dierfen ze sinn.

14.11. Matinée scolaire

Ben

Et ware Schüler*innen vu 7e bis 3e do, déi mei jonk Schüler*innen haten e Quiz ze maachen, fir deen si vu Stand zu Stand gaange sinn. De Quiz war relativ grouss, soudass si net vill Zäit haten, fir laang bei engem Stand stoen ze bleiwen. Mir konnte leider keen esou richteg vir d'Jonk BAD begeeschteren, mee mir hunn hinnen awer beim Quiz gehollef a Bläistëfter a Visittekaarte verdeelt. Doduerch, dass immens vill Kulturinstitutiounen do waren, war et trotzdeem eng flott Networking Geleeënheet a mir konnten eis mat de Leit vum INPA ënnerhalen, wéi keng Schüler*innen do waren.

15.11. & 16.11.

Joshua, Ben, Daphné, Tami, Alexej, Lynn M., Jessica, Lynn S., Pauline

Eise Stand war bei de Kulturinstitutioune situéiert, wat e reegen Austausch mat dësen erméiglecht huet. Mir konnten eng ronn 40 Leit am Detail iwwert eis informéieren, vun deenen sech der 5 op eis Mailinglëscht ageschriwwen hunn.



Och hu mir mam Här Premierminister Luc Frieden iwwert e potentielle BAD-Studiegang op der Uni.lu geschwat. Hien huet eis drop verwisen, d'Madamm Héichschoulministesch Stéphanie Obertin, mat eisem Gespréich als Referenz, ze kontaktéieren. Hien huet och eng Foto mat eis a sengem Post iwwert d'Walfer Bicherdeeg abegraff. Mir konnten op eisem Stand och den Här Kulturminister Eric Thill an den Här Buergermeeschter François Sauber begréissen. Mir waren och am Här Eric Thill sengem Post vertrueden. De Camille Ney huet eis och dëst Joer erëm interviewt a mir hunn eis laangjäreg Supporterin d'Tatta Tom getraff.


éditions revue
STUDIELISTING 2025
STUDIELISTING 2025
STUDIELISTING 2025


Gestionnaire de bases de données
Information specialist
Archiviste numérique
Data manager
Data scientist
Librarian
Curator
Documentaliste
Master data operator
Délégué à l'archivage
Knowledge manager
Records manager
Document management
JONK
BAD
STUDIELISTING 2025




JONK
INPA
BAD
BAD
éditions

17.11. Avis zum Projet de loi zum neien Bibliothéiksgesetz 8523

Mir goufen am Projet de loi 8523 „Projet de loi relative au soutien aux bibliothèques publiques et spécialisées" als potentielle Member vum CSB ernimmt doropshin och vum Kulturministère gefrot, ob mir wéilten en Avis dozou schreiwen. No Récksprooch mat eise Membere war et eis zäitlech awer leider net méi méiglech e fundéierten Avis auszeschaffen. Amplaz hu mir decidéiert dem Kulturministère eng Email mat eise Bemierkungen zum Projet de Loi ze schécken. Follgend Punkten hu mir doranner kommentéiert:

Bezüglech Artikel 26 an dem Commentaire vun der Kulturkommissioun dozou[1]:

Mir wëllen dëser Positioun gerecht ginn, mee als Studentencercel ass et eis net ëmmer méiglech, ee Representant a Persoun op déi reegelméisseg Sëtzungen ze schécken. Eis aktiv Memberen si Student*innen, déi fir de Moment an der Reegel am Ausland studéieren, well et an eisem Beräich zu Lëtzebuerg nach kee Studiegang gëtt. Bei eisen anere Memberen, déi scho beruffstäteg sinn, besteet d'Gefor, dass si eis als Studentencercel net ouni Interessenskonflikt representéiere kéinten.

Falls eise Representant net am Land wier, kéint dësen awer iwwer Visio-Konferenz un de Sëtzungen deelhuelen, soufären dëst méiglech wier.

Falls eis Participatioun fir den CSB ënnert deene Konditiounen net méiglech wier, da géife mir weiderhi gären als Uspriechpartner a Saachen, déi eis direkt concernéieren, wéi zum Beispill bei Froen zu eise Studiegäng am Ausland, engem potentielle Studiegang an eisem Beräich zu Lëtzebuerg, Stagen/Studentenjobs a Volontariater, Entrée an d'Aarbechtswelt etc., zur Verfügung stoen.

Des Berodungs-Funktioun kéinte mir beispillsweis mat Verweis op Artikel 25, Alinéa 5 ausféieren, ouni e feste Representant am CSB ze sinn: „Le Conseil peut recourir aux services d'experts qui assistent aux réunions du Conseil avec voix consultative sur demande de ce dernier."

[1] COMMISSION DE LA CULTURE DE LUXEMBOURG. *Projet de loi relative au soutien aux bibliothèques publiques et spécialisées : 8523* [en ligne]. Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg, 4 avril 2025, p. 9, 16. Disponible à l'adresse : https://www.chd.lu/fr/dossier/8523.

Dezember 2025

23.12. Jonk BAD Stand BnL + Winter-Holiday-BAD-Meet am QoSQo

Joshua, Ben, Julie



D'Nationalbibliothéik huet eis och dëst Joer erëm ugebueden, wärend engem Dag e Stand an hirem Agangsberäich opzeriichten. Bei dësem konnte mir mat ronn 15 Leit schwätzen a si iwwert eis Beruffer a Studiegäng informéieren.
Uschléissend hate mir eise Winter-Holiday BAD Meet am QoSQo um Kierchbierg, fir den Ofschloss vum Joer zesumme mat eise Memberen an Interesséierten ze feieren. 24 Leit konnte kommen, dorënner och e puer nei Gesiichter.

Januar 2026

13.01. Neijoerschpatt Kulturministère






Ben, Alexej

Den Neijoerschpatt vum Kulturministere gouf dëst Joer am Casino an der Stad ofgehalen. An senger Ried huet de Kulturminister Eric Thill ënner anerem betount dass de Kultursecteur zu Lëtzebuerg, trotz den internationale Krisen an der doduerch resultéierender Austeritéitspolitik, net wäert reduzéiert ginn. Hien huet och vum neie Bibliothéiksgesetz a vum ustoende Plënnere vun den Nationalarchive geschwat. D'Evenement huet e flotten Austausch zwëschent Institutiounen aus allen Ecke vum Kultursecteur erméiglecht. Och d'Jonk BAD konnt dobäi hiert Profil weisen a mat verschiddenen Institutiounen an d'Gespréich kommen a Fotoe maachen. Dorënner waren den Här Kulturminister Eric Thill a Leit vum Conseil supérieur des bibliothèques, dem Nationalarchiv, der ALBAD, der ULBP, Kultur lx, dem MNAHA, dem INRA an dem Centre des Monuments.

Februar 2026



18.02. Presentatioun École Sainte-Sophie

Maud, Ben, Joshua

Am Kader vum Beruffsdag „Job Time” ware mir zu drëtt an der École Sainte-Sophie, fir enger 3es Klass d’Beruffer vum BAD Beräich mei no ze bréngen. Mat enger Präsentatioun hu mir d’Schüler*innen iwwert eis Beruffer opgekläert a stounge prett fir all weider Froen ze beäntweren.

18.02. Déng Zukunft Däi Wee (Belval Plaza)

Nathalie, Ben, Daphné, Tami

D’Foire Deng Zukunft Däi Wee 2026, organiséiert vum Service national de la jeunesse an dem Jugendinfopunkt Esch, huet dëst Joer um Belval Plaza statt fonnt. Dobäi konnte mir iwwer 30 Leit vun eise Beruffer a Studiegäng verzielen. Déi Meescht dovunner ware jonk Mënschen oder Eltere mat hire Kanner, mee och e puer eeler Persounen ware virwëtzeg an hunn eis ugeschwat. Donieft konnte mir och e puer Wieder mam Här Christian Weis, dem Escher Buergermeeschter an dem Schäffe Bruno Cavaleiro wiesselen.



26.02. Infosessioun an der Maison de l'orientation

Joshua, Ben, Lynn

De 26 Februar konnte mir an der Maison de l'orientation erëm e Grupp vu Leit, mat deene verschiddensten Hannergrënn, de BAD Beräich méi no bréngen. Vun deenen 13 Participantë ware verschiddener fäerdeg mat hirem éischte Studium, et gouf awer och Elteren, déi sech fir hir Kanner informéiert hunn. Fënnef Leit ware staark un eisem Beräich interesséiert.



Dobäi hu mir erëm eng Kéier festgestallt dass vill Léit sech no engem éischte Bachelor- oder Master-Studium an eise Beräich reorientéiere wëlle.

27.02. Assemblée générale VLA

Ben

Mir waren op der Assemblée générale vum VLA a waren duerno nach mat Iessen, woubäi mir eis mat Professionellen aus dem Archivberäich austausche konnten.



28.02. Lycée du Nord - Matinée d'information

Emilie, Alexej

Mat engem Stand am Kader vun der „Matinée d'information pour les élèves des classes supérieures", konnte mir Schüler*innen vun der 2e a 1re iwwert eis Studiegäng an de BAD-Beräich informéieren.

Mäerz 2026



18.03. Fieldgen

Julie, Alexej, Ben

Mir hunn am Kader vun der „Matinée Info Emploi” an der Ecole Privée Fieldgen e puer Presentatiounen iwwert eis Missiounen, Studien a Beruffer an eise Beräicher halen dierfen. Am ganze waren 10 Schüler*innen, tëscht 5e an 2e, präsent.



20.03. Lycee Hubert Clement - Job & Study Talk

Julie, Tami, Daphné

Am Kader vum „Job & Study Talk” hate mir zesumme mat der Escher Bibliothéik e Stand am LHCE. Mir hu mat mindestens 28 interesséierte Schüler*inne geschwat. Mir konnten eis och erëm mat der ACEL an anere Cerclë wéi der ALEM an History.UL, souwéi anere Leit aus dem Beruffsliewen, austauschen.

21.03. Lycée Classique Diekirch - REELCD

Ben, Lynn S.

Am Dikrecher Lycée konnte mir Samsdes eng Handvoll Schüler*inne tëscht 5e a 1re iwwert eise Beräich informéieren. Hei waren och Ancien en aus dem LCD invitéiert, fir iwwert hier Studien a Beruffer ze erzielen. Duerno krute mir och e Patt offréiert.





25.03. 2026 Future Perspectives Day (Living Library) - Lycée Michel Lucius

Julie, Ben

Um „Future Perspectives Day" vum Lycée Michel Lucius konnte mir dëst Joer em déi 10 Schüler*innen iwwert eis Beruffer a Studiegäng informéieren. Déi meescht dovu ware vun englesch sproochegen 2e an 3e Klassen.

28.03. ACEL Fachspezifesche Student fir 1 Dag - Uni Belval

Ben, Joshua, Maud, Pauline, Julie, Daphné,



Den 28. Mäerz hu mir am Kader vun der ACEL hirem „Student fir 1 Dag" um Campus Belval e Workshop gehalen, bei dem mir deene Jonken en Abléck a verschidden Tâchen aus eise Beruffer a fachspezifescht Wësse mat op de Wee gi konnten. Op dësem Workshop ware mir mat sechs Persoune vertrueden. Esou konnte mir iwwert eis ënnerschiddlech Parcourse schwätzen an interesséiert Schüler*inne duerch praktesch Introduktiounen u verschidden Tâchen aus dem Alldag vum Bibliothecaire bréngen.

Eise Workshop ass vun 10h00 bis 16h00 gaangen. Et huet mat enger Präsentatioun iwwert eise Cercle um 10h ugefaangen. Ab 12h30 goufen d'Recherche am a-z.lu an d'digital Offere presentéiert. Duerno goufen de Student*innen d'Recherche an Archivkataloge gewisen. Dotëschent konnten d'Studente praktesch Übungen, ënner anerem zum Catalogage, maachen. Ofschléissend gouf et ab 15h30 e Q&A.

Um Workshop hu mir eis iwwer héisch motivéiert Studente freeë kënnen. Eis Gespréicher konnte mir duerno bei engem gemeinsame Kaffi weiderféiere.

31.03. Interview Radio 100,7 „10 Joer Jonk BAD”



Ben Conrad a Julie Sauerwein (Foto: Radio 100,7)

D'Julie Sauerwein an de Ben Conrad hun um radio 100,7 an der Emissioun „Kulturen” mam Valerija Berdi iwwert d'Jonk BAD an hier Missioune geschwat. Hei kënnt dir déi komplett Emissioun lauschteren:

https://100komma7.lu/show/Kultur/202603311330/episode/10-Joer-Jonk-BAD

“De Studenteverband Jonk BAD hëlleft jonke Mënschen, déi am Beräich vu Bibliothéiken, Archiven oder als Dokumentalist:inne studéierte wëllen, sech op de richtege Studiegang ze orientéieren. Dernieft bidde si eng ganz Rei Aktivitéiten un, wéi Ënnerstëtzung fir Stageplazen ze fannen. E weidere wichtege Volet ass awer och, iwwerhaapt op déi Beruffer opmierksam ze maachen a mam verstëbste Ruff opzeraumen. Membere vu Jonk BAD sinn am Gespréich mam Valerija Berdi.”

Abrëll 2026

25. & 26.04. Prix Laurence

Julie, Ben

Och dëst Joer gouf d'Jonk BAD erëm gefrot, fir beim Prix Laurence auszehëllefen. Zu zwee hunn d'Julie an de Ben vu Januar bis Mee déi agereechten Texter op Hatespeech lektoréiert, um Site publizéiert an och Ufroe vun de Participante per Mail beäntwert. D'Texter goufen uschléissend no Sprooch an Alterskategorie sortéiert exportéiert an un d'Jury geschéckt. Bei de Liesunge vum 25. a 26. Abrëll konnte si aus zäitleche Grënn leider net dobäi sinn.

Mee 2026

20.05. Matinée des professions - Lycée Robert Schumann





Lia, Yasmine

Bei der Matinée des Professions vum Lycée Robert Schumann konnte mir em déi 10 Schüler*innen vun 2e & 3e iwwert eis Beruffer an eis Studiegäng informéieren. Wärend eiser Präsentatioun, hunn si sech immens engagéiert gewisen a muncher hunn eis och matgedeelt dass si gäre géifen eppes an eisem Beräich studéieren.

Juni 2026

Archivmount

Den Archivmount 2026, organiséiert vum Veräin vun de Lëtzebuerger Archivisten (VLA), stoung ënnert dem Thema „Behind the scenes".[2] Zesumme mat 18 aneren Organisatioun an Institutioune war och d'Jonk BAD dëst Joer erëm doru bedeelegt. Eng ganz Réi flott Visitten an Offere goufen an dësem Kontext ugebueden. Den Nationalmusée (MNAHA) hat zesumme mat der Jonk BAD eng Visite vun hirem Archiv organiséiert.

Social Media Rei „Wat mécht eigentlech de Comité?"

Am Kader vum VLA Archivmount 2026 zum Thema „behind the scenes", wollte mir mat eiser Rei „Wat mécht eigentlech de Comité?" d'Aufgabe vun eisem Comité sichtbar maachen, fir eventuell Leit an der Zukunft fir des Tâche ze inspiréieren. D'Rei huet aus 8 Posts bestanen, zu follgenden Themen:



1. Virstellung a Konditioune fir an de Comité
2. Administratioun
3. Informéieren op der Plaz
4. Berodung
5. Web- a Mediepresenz
6. Community
7. Kooperatioun
8. Politik

12.06. VLA Journée des Archivistes

Ben, Daphné

D'Thema vum Archivdag 2026, organiséiert am Cercle Cité, war „Archives pour la justice. Droits, mémoire et avenirs".[3] Dozou gouf et eng ganz Rei interessant Bäiträg ze héiere vun Experten aus de Beräicher vun der Justiz, dem Dateschutz, der Geschicht, an natierlech dem Archivwiesen. D'Intervenanten hunn dobäi eng ganz Rei Froekomplexer behandelt, wéi zum Beispill d'Spannungsverhältnis tëschent Dateschutz an Accessibilitéit. Konkret gouf dës Thematik ënner anerem unhand vun

[2] https://www.archives.lu/pages/activites/mois-des-archives/2026.php

[3] https://archives.lu/pages/activites/journee-des-archivistes/2026.php

de Bommeleeërprozesser diskutéiert. Nieft de groussen Thematiken huet den Archivdag awer och d'Méiglechkeet gebueden, dass Fuerscher hir Aarbecht, an Institutiounen hir Projete konnte virstellen. Net zulescht war et eng flott Geleeënheet mat anere Professionellen am Archivberäich an d'Gespréich ze kommen a sech auszetauschen. Present waren ënner anerem de Kulturminister Eric Thill, den Direkter vun der Nationalbibliothéik, Claude D. Conter, d'Directrice vun den Nationalarchiven, Josée Kirps an Corinne Schröder, déi aktuell Präsident vum VLA.

16.06. Visitt Lëtzebuerger Konschtarchiv

Edu, Ben

Am Kader vum Archivmount huet den MNAHA zesumme mat der Jonk BAD eng Visite vum Konschtarchiv organiséiert. De Visiteure goufen dobäi d'Aarbechtsweisen a Projete vum Archiv gewisen.

25.06. Visitt Archiv MNAHA

Edu, Ben, Julie

Am Kader vum Archivmount huet den MNAHA zesumme mat der Jonk BAD eng Visite vun hiren Archiven organiséiert. Dës gouf vum Edurne Kugeler gehalen. Am ganzen hunn 9 Persounen dorunner Deel geholl, dorënner vill Membere vun de Muséesfrënn Lëtzebuerg.[4] Dëst huet et eis erméiglecht iwwert eis Beruffer an eise Studium ze informéieren an hinne munch Themen, wéi den Dépôt Légal ze erklären.



[4] https://www.amisdesmusees.lu/

Juli 2026

05.07. ACEL Summer AG

Julie

Als Deel vu sengen zukünftege Projeten huet d'ACEL decidéiert, en Dokument mat de Wäerter vun der ACEL auszeschaffen. D'Studentencercelen géifen dat dann ënnerschreiwen a sech domat verpflichten, sech un déi Wäerter ze halen. Den Intranet vun der ACEL geet net méi an all d'Kommunikatioune lafe fir de Moment iwwer Mail a Whatsapp.

BAD-Meets

16.07. Visite guidée „Et leeft" am Lëtzebuerg City Museum



En Donneschden de 16. Juli hu mir als Jonk BAD eng Visitt guidée duerch d'Ausstellung „Et Leeft" am Lëtzebuerg City Museum vun der Curatrice vun der lëtzebuergescher Versioun, dem Sanja Simic, ugebuede kritt. D'Ausstellung zum Thema Menstruatioun, der Geschicht, dem Stigma ronderëm a villes méi, war net nëmmen immens léierräich, mee och visuell interessant a flott gestalt.

24.07. BESA Meet

Un engem gemittlechen Owend hunn eis Memberen sech fir e BAD-Meet an der Escher Bibliothéik getraff. Et sinn eis do och dräi interesséiert Persoune besiche komm, déi eise Kalenner op de Soziale Medie gesinn an eis am Viraus kontaktéiert hunn. Bei dësem Meeting konnte mir mat hinnen iwwert potentiell Studiegäng an Optiounen an den Informatiounswëssenschafte schwätzen an hinne weider Detailer iwwert den Alldag an eisem Domaine erzielen.

31.07. BnL Meet

Freides, den 31. Juli, hu mir eis zu ongeféier 10 Leit am Fischer an der BnL versammelt fir e Kaffi ze drénken, e Stéck Kuch ze iessen an ze poteren.

August 2026

03.08. - 08.08. BnL Summer School 2026

No der Summer School avancée vu leschtem Joer huet d'BnL decidéiert, dës Kéier erëm eng normal Summer School ze organiséieren, fir den interesséierte Student*innen d'Méiglechkeet ze ginn, méi Aspekter vum Bibliothecairesberuff ze gesinn an och verschidden Deeler praktesch matmaachen ze kënnen. Mir konnten eis vill mat de Participanten austauschen, ënnert deenen och schonn e puer vun eise Membere waren. Dës Editioun vun der Summer School ass gutt ukomm a méi wéi d'Hallschent vun de Participantë wier interesséiert, eng Carrière an den Informatiounswëssenschaften ze suivéieren.

06.08. Presentatioun BnL Summer School

Julie, Maud, Lia



Um Donneschden, krute mir och dëst Joer erëm vun der BnL d'Méiglechkeet, eng Presentatioun wärend der Summer School ze halen. Hei konnte mir de Participanten d'Jonk BAD virzestellen an och méi iwwert den néidege Parcours schwätze, fir an eise Sparte schaffen ze kënnen. Bis op Informatiounen zu de Studiegäng, woussten d'Participanten duerch d'Summer School schonn immens vill iwwert Tâchen an eisem Beräich, wouduerch mir méi op perséinlech Erfarunge mat der Jonk BAD, Stagen, Studentenjobs, Studiegäng an dem Beruffsliewen erziele konnten. D'Participantë konnten an dem Kader och spezifesch Froe stellen. D'Daphné an d'Lynn M., déi do ware fir nozelauschteren, konnten och Informatiounen ergänzen an iwwert hir perséinlech Erfarunge schwätzen. Duerno waren eis Memberen och op d'Ofschlossiesse vun der Summer School agelueden, wou mir weider mat eenzelne Participante schwätze konnten.

07.08. Summer School Meet Wiss BnL

Fir eng Diskussioun ënnert de Summer School Kandidaten an dem Comité ze vereinfachen hu mir en BAD-Meet op der Wiss niewent der Nationalbibliothéik organiséiert. Esou konnte mir ausserhalb vun eiser offizieller Präsentatioun en Austausch tëschent Memberen an interesséiere Studente vereinfachen. Hei hunn sech véier Leit interesséiert gewisen, dem Comité fir d'Joer 2026/2027 bäizetrieden.

14.08. Poésie am Park Diddeleng

Un dësem schéinen Owend si mir dëst Joer erëm bei dem Event Poésie am Park zu Diddeleng präsent gewiescht. Vu 17h00 u konnte mir Liesunge fir Kanner an duerno fir Erwuessener nolauschteren an eis vun engem musikaleschen Encadrement begeeschtere loossen. Ënnert den Erzieler vun dem Owend ware vill bekannt Gesiichter wéi d'Lia Blum, de Luc François, de Ian de Toffoli an d'Nora Wagener.

Ausserdeem gouf et eng Iwwerraschungsparty fir eisen Éieremember, den Yves Goerens, deem säi lëschte Schaffdag mir zesumme gefeiert hunn. Den Yves huet am CNL geschafft an huet sech seng Pensioun méi wéi verdéngt.

26.08. Villa Faber Visite guidée, Mersch



Mir hunn eng Visitt fir eis Membere vun der neier Villa Faber zu Miersch ugebuede kritt. D'Villa Faber ass dat neit Doheem fir d'Gemengenarchiv, d'ëffentlech Bibliothéik Mierscher Lieshaus, an de Geschichtsfrënn, a gouf den 11. Juni ageweit. Dës Visitt gouf eis vum Phuong-Anh Mai, fréiere Comitésmember a säitdeem Membre donateur vun der Jonk BAD an Archivistin vun der Mierscher Gemeng, proposéiert. Op dëser Visitt goufe mir vum Schäffen Henri Krier begréisst, duerno hunn d'Dana Hempel an d'Phuong-Anh Mai eis duerch déi nei Bibliothéik an Archive geféiert.

Et waren 21 vun eise Memberen op der Visitt present, 16 dovunner, begleet vum d'Dana an dem Phuong-Anh, hunn duerno zesummen an der Fabrik den Owend mat engem Iessen ofgeschloss.